PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

A ville Gemengen uechtert d'Land ginn ëmmer méi Nieweweeër, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn duerch « Circulation interdite » Schëlder zougemaach fir de Public – dëst nodeems dës Stroossen mat kommunale Gelder a staatleche Subventioune frësch gemaach goufen. D'logesch Konsequenz heivun ass, datt just nach Riverainen dës Weeër duerfe benotzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Madamm Ministesch, wéi sti dem Fait géigeniwwer, datt Stroossen, déi mat ëffentleche Gelder frësch gemaach goufen, kuerz drop fir de Public gespärt ginn ?

2. Madamm Ministesch fir Ëmwelt, wéi gesi Dir de Fait, datt momentan queesch duerch d'Land Feldweeër geteert ginn, déi dono awer net vu Public duerfen benotzt ginn ? Ass dëst an äeren Aen een onnéidegen Agrëff an d'Natur?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député